

## D'Kraaft vun engem Gesetz

A Portugal, wou d'Gesetz géint den Mobbing 2017 verschärft gouf, gouf kierzlech en Fall vun abusiver Kënnegung an uschléissendem Mobbing virun Geriicht verhandelt a zugonschten vum Ukloer entscheet.

Déi betreffend Aarbechterin huet e Kand, bei dem Autismus (Asperger-Syndrom) diagnostizéiert gouf, ass elengerzéiend an huet nieft hirer Aarbecht keen weidert Akommes, sou dass si wéineg oder guer näischt maachen konnt vir sech ze verdeedegen.

An dësem Fall huet d'Existenz vun Rechtsvirschrëften an déi gutt Aarbecht vum portugiseschen Pendant vun der ITM, ënnerstëtzt vun den Affekoten vun der Gewerkschaft, dem Cristina Tavares den Zougang zum Geriichtssall an den Kampf vir hier Rechter, erméiglecht.

Dem Cristina Tavares säin Patron „Fernando Couto Corks“ gouf zu enger Geldstrof vun insgesamt bal 50.000 Euro an enger historescher Veruerdeelung wéinst Mobbing géint d'Ugestellten verurteilt.

**D'Stoppfirma/ Korkenfabrik** gouf och dozou verurteilt, dem Cristina Tavares op hirer fréierer Aarbechtsplaz erëm anzustellen an si finanziell vir deen entstanenen Schued ze entschidedegen.

D'Firma war gezwongen, den Geriichtsuerder ze respektéieren, huet sech awer un der Aarbechterin revanchéiert: d'Cristina huet ugefaangen aner Uniformen wei hier Aarbechtskolleegen unzedoen an gouf op Plazen versat, op deenen si huet missen eleng schaffen. „Déi éischt zwee Deeg (no menger erneiter Astellung) stoung ech néng Stonnen laang an hunn näischt gemaach. Wei ech mech wollt widder eng Mauer stäipen, soten si, ech dierft net emol dat“ sot d'Aarbechterin.



D'Cheffen wossten, dass si géif ënner Angscht virun Héichten leiden, an hunn si an engem héich geleeeenen Beräich schaffen gelooss, op enger erheigter Plattform an ongeféier 5 Meter Héicht, vir „Paletten“ mat Säck hierzestellen, déi 5.000 Stepp enthalten hunn, déi all Kéiers „méi wei 15 Kilo“ gewien hunn an wou d'Temperatur méi wei 40 Grad steigen konnt, sou dass si ëmmer aus der Nues geblutt huet.

„Ech hunn d'Säck missen per Hand stapelen, an wann ech fäerdeg war, hunn ech alles missen rëm opmaachen. Ëmmer an ëmmer erëm“, sot si an huet dobäigefüügt, dass si souguer „26 Paletten“ an engem Dag gemaach huet.

D'Cristina, dei un „Leeschtebrech, Sehnenscheidenentzündungen and Schwindelsyndrom“ gelidden huet, sot, dass des Aarbecht „ustrengend“ war, well d'Hetzt „immens“ war, an dobai huet si sech heiansdo krank gefillt an et war hier „schwindeleg“.

D'Cristina Tavares sot, sie huet net nëmmen mat Paletten geschafft, mee huet och an der Produktiounsunitéit gebotzt, an zwar an Berächen, déi net benotzt goufen, an an aneren, déi si schonn den Dag virdrun gebotzt hat.

„Et war ganz schwéier. Ech huelen elo nach Schloofpëllen“, sot si emotional an konnt hier Tréinen net zeréckhalen.

Et gouf hier verbueden, mat hiren Kollegeen ze schwätzen, an hier gouf ënnersot, déi nämmlecht Toilette ze benotzen. Sie krut eng Toilette mat enger gliesener Dier zougewisen, duerch déi si den Blécker vun hiren männlechen Kollegeen ausgesat war. Cristina Tavares war gezwongen vun doheem en Duch matzehuelen, dat si un Dier gehaangen huet, wann si sech huet missen erliichten.

D’Cristina Tavares huet alles der ACT (entsprécht der ITM) gemellt an ass weiderhin all Dag op d’Aarbecht gaangen, egal ob et gereent huet oder d’Sonn geschéngt huet. „Nëmmen vir mäin Bouf kann ech dat alles erdroen“, sot si.

D’Cristina huet behaupt, dass een vun den Administrateuren vun der Fabrick zu hier sot: „Ären Jong ass esou, hien huet des Krankheet, well dir en schlechten Mënsch sidd“.

D’ACT-Inspekteren (ITM) hunn d’Firma zweemol besicht an all des Praktiken nogewisen. Den Dossier enthält Fotoen an Zeienaussoen, déi des Grausamkeeten dokumentéieren. Mee d’Firma huet och no der Veruerdeelung wéinst Mobbing weider gemaach.



Den 10. Januar 2019, gouf d’Aarbechterin erëm entlooss, mat der Begrënnung, well si iwwert den Fall geschwat hätt an esou „d’Firma erausgefuerdert“ hätt.

D’Cristina Tavares sot, si hätt ni wellen d’Firma diffaméieren, an huet verséichert, dass si net déi war, déi den Saachverhalt ëffentlech gemaach huet.

„Ech hätt ni geduecht, dass et géif klappen. Ech hunn nëmmen probéiert, mäin Job zrëck ze kréien (...) Ech hunn mech ëmmer gutt mat den Cheffen verstanen, an dofir fillen ech mech ongerecht behandelt, well ech alles vir des Firma gi hunn“, huet si gesot.

Am Juni 2019, huet d’Firma sech bereet erkläert, d’Aarbechterin eng zweeten Kéier erëm anzustellen, ier d’Prozedur vir d’Ufechtung vun der zweeter Entloossung ufänken géif, sou dass si konnt op hier fréier Aarbechtsplaz als Liwwerer an Empfänger vun Stepp zrëck.

Deemools huet Direktioun erkläert, dass si decidéiert hunn, „déi negativ Säit emzedreien“ an d’Viraussetzung ze schafen, vir sech „an rechtlecher Rou“ op hier Aktivitéit ze konzentréieren. Nieft der Reintegratioun vun der Aarbechterin huet d’Firma sech bereet erkläert, eng Entscheedegung fir den immateriellen Schued an Héicht vun ronn 11.000 Euro ze bezuelen esouwei d’Paien, déi d’Aarbechterin an dëser Zäit net kritt huet.

Der Ukloschrëft no, hunn déi Ugekloten eng „ëmfangräich“ Rei vun Feeler gemaach, déi dorop gezielt hunn "e feindlecht, intimidéierend an degradéierend Ëmfeld ze kreéieren, andeems si si vun aneren Mataarbechter diskriminéiert hunn, hier onmënschlech Aufgaben ginn hunn an se mat exzessiver Aarbecht iwwerschott hunn."

\* Dësen Artikel resüméiert ëffentlech Informatioun vu verschiddene portugisesche Pressebüroen.

Geschriwwen vum  
Luis VIÇOSO  
Psycholog  
Mobbing asbl

Iwersaat vum  
Anouk JACOBY  
Direktiounssekretärin  
Mobbing asbl